# Mat der Amicale des Anciens de Tambov um Tour



Foto: Roby Steichen

War d'lescht Joër, de 26. September 2012, dat neit Denkmal zu Tambow-Rada ageweit ginn, sou war et selbstverständlech, dass och mir, déi bei der Inauguratioun net konnten derbäi sinn, virwëtzeg waren, fir dat Wierk kucken ze goen.

Eng Rees op Tambow an der Päischtvakanz gouf organiséiert.

Zu 22 Persounen si mir de 25. Mee vu Frankfurt aus op Moskau geflunn, an den aneren Daag as et du mam Bus op Tambow gaang, wou mir eis am Amaks-Hotel fir déi 3 nächst Deeg installéiert hunn.

Déi zwee éischt Deeg, de 27. an 28. Mee, waren esou programméiert, dass mir moies déi offizielle Visitë bei den Denkmäler zu Tambow a Rada, de Griewer vun „onse Jongen" zu Kirsanow an awer och eis Frënn vun de Verwaltunge vun Tambow a Kirsanow besicht hunn.

Nomëttes as et dann awer méi gemittlech erofgaang. Sou hate mir den 1. Dag eng Flossfahrt op der Tsna gemaach, déi eis vun der Stad Tambow ugebuede gouf, mat uschléissender Visite vun enger klenger Kierch. Den 2. Dag, nom Mëttegiessen mat de Vertrieder vun der Verwaltung vu Kirsanow, ware mir vun der Musekhéichschoul vun Tambow op e Concert invitéiert ginn.

Den 29. Mee, de leschten Dag vun eisem Openthalt an der Regioun Tambow, hate mir zesumme mam Natascha esou organiséiert, fir e bëssche Rou ze kréien an déi Villfältegkeet vun der russescher Landschaft ze gesinn, e Besuch vum Rachmaninov sengem Landsëtz. Vun Tambow bis op Ivanovka sinn et ronn 200 km. Empfang an duerch de Landsëtz gefouert huet eis den Direkter vum Haus perséinlech. Net nëmmen iwwer de Rachmaninov wousst hien ze zielen, ma och iwwer d'Zäit vun der Sowjetunioun nom Krich a virun hirer Opléisung. Ganz interessant Saache si mir do gewuer ginn.

Während der Visite huet d'Julia, eng jonk Pianistin aus der Musekhéichschoul, fir eis e klenge Récital am Landgut vum Rachmaninov ginn.

Dësen Dag hate mir awer och erausgesicht, fir zesumme mam Natascha an dem Alexander den Ofschloss vun eiser Visite zu Tambow ze feieren. Laang souze mir dësen Owend beieneen. Den Äddi ass schwéier gewiescht.

Den 30. Mee si mir dunn zréck op Moskau gefuer, wou mir am spéide Nomëtteg nees am Radisson-Hotel ukoumen. Hei war nach e Besuch vun der Foussgängerzone ugesot.

Eise leschten Dag war mat enger Visite vum Musée vum II. Weltkrich, e Besuch op der Lëtzebuerger Ambassade, enger Visite vum Klouschter New Maiden an, nom Nuechtiessen am Hotel, mat enger Schëfffahrt vun 2 Stonnen op der Moskva, gutt ausgelaascht.

Samschdes, den 1. Juni, si mir dunn zréck op Lëtzebuerg geflunn.

Zum Schluss wëll ech alle Leit, déi un dëser Rees deelgeholl hunn, e



*De Lëtzebuerger Botschafter Pierre FERRING während der Zeremonie virum neien Denkmal.*

Foto: Roby Steichen

grousse Merci soen, fir hir grouss Mathëllef während der ganzer Zäit wou mir ënnerwee waren. Eis Rees war, esou wéi bei den Tambower üblech, frëndschaftlech, komerodschaftlech, ganz einfach, familiär.

Besonnesch huet mech gefreet, datt mir 4 Jonker vun der 3. Generatioun derbäi haten, an zwar d'Corinne Gilbertz, de Claude Kieffer a seng Frëndin Hayley an de Roby Steichen. Fir si war et net nëmmen eng Rees wéi eng aner, ma si woussten hoergenee ëm wat et géing, si ware jiddefalls gutt informéiert, an dat mécht eisereen net nëmme frou, ma et motivéiert eis fir op deem Wee virunzeschaffen.

Duerfir weise mir als Amicale drop hin, dass mir schon un der nächster Rees schaffen, déi mir an der Päischtvakanz 2014 ënnerhuelen. Avis aux Amateurs.

Fir d'Amicale des Anciens de Tambov

**Vic Steichen**



*D'Autoritéiten ware sech net ze Schued, fir d'Gouverneurs Musek während der Gedenkzeremonie untrieden ze loossen*

Fotoën: Roby Steichen



*De Lëtzebuerger Botschafter Pierre Ferring (3. v. r.), de Vertrieder vum Gouverneur, de Jos Steichen, d'Natascha Viazovova, de Vic Steichen an d'Dolmetscherin (v. r. n. l.)*